

# Piratepartei: Comité vum Bezirk Süden 23/10/2015

---

## Present:

Jules Weber  
Libor Chmelik  
Starsky Flor  
Marc Goergen  
Camille Liesch  
Jorg Willekens  
Gilles Mertz (via Skype aus Peru)

## Entschëllegt:

Nathalie Graf

## Net Entschëllegt:

Michele Stiefer (Lala)

## Jonk-Piraten Verrieder:

Cedric Heinen  
Christophe Quintus

## Gësch:

Salomé Martin

## Ordre du jour:

- Begréissung duerch den President
- Réckbléck op den Landeskongress #LK152
- Wei geet et virun mam Marc?
- Südbezirk: wéi maache mer an Zukunft weider?
  - Diskussioun iwwert eis Organisationsstrukturen: wéi kenne mer déi erfollegräich änneren, su dass jiddereen an Comité an ënnert de Memberen méi Responsabilitéiten huet?
- Untreeg
  - Präsidiumssätzungen an Partei Leedungen ëmwandelen
  - All Mount Extraiten als PDF
  - Een oppenen Informatiounskanal tëscht dem Süden an dem National erstellen
- Proposen fir Satzungsännerungen um nächste Kongress
  - Keng Prokuratiounen méi
  - Parteileedungen a Präsidium verschmelzen
- **Struktur Gemengewalen 2017 (op de nächste Comité verréckelt)**
  - **A wéi enge Gemengen wëlle mer aktiv ginn?**
- Festleeën vun dem nächsten Süd-Comité + Südkongress

**Protocolleur: Gilles Mertz**

**Funktioun: Comitésmember**

---

## Réckbléck op de Landeskongress #LK152

Ugesicht dem Fakt dass de Südbezierk um leschte Landeskongress all seng Positiounen am Präsidium verluer huet an doropshin eng Zäit laang Chaos am Bezierk war, ass als éischte Punkt rekapituléiert ginn, wat um Landeskongress geschitt war. Heibäi goufen all déi präsent Persounen am Raum zu hirer Meenung gefrot.

Punkto Iessen an Organisatioun huet alles gutt geklappt, sou d'Meenung am Raum. Ausschliisslech d'Verspéidunge vu gewëssene Membere souwéi eng Kamera déi gefehlt huet si bemängelt ginn. Zur Stëmmung ass gesot ginn, dass dës ewéi elektriséiert war a generell net gutt war. Nom Wahlergebnis gouf d'Wuert "Coup d'Etat vum Norden" oft an de Mond geholl. Generell huet d'Wahlergebnis vum #LK152 eis ee bëssen aus dem Konzept bruecht. Dat war och ze gesinn un de villen Démissiounen déi doropshin ausgesprach goufen, dono awer erëm zeréckgeholl goufen. Dozou gouf et dann awer och Kritik dorunner ewéi mäer mat dem Problem ëmgaange sinn. E puer Leit hätte vill ze hektesch an impulsiv op des Wahlneierlaag reagiert no der Meenung vun e puer Memberen. Virun allem d'Art a Weis wéi iwwert d'Leit aus dem Norde geschwat gouf ass och an den eegene Reien net ganz gerecht gewiescht. Weiderhi wäeren d'Demissioune vill ze impulsiv gewiescht, virun allem wëll impulsiv gehandelt gouf anstatt de Kapp mol a Rou ze leen an d'Saach bei engem Béier ze beschwätzen.

Opmonternd Wieder koume vum Camille. Och wa mer dës Wahle verluer hunn, wat ass dobäi? D'Fro déi mer eis stelle sollten ass: wéi maache mer lo dono weider? de Kapp an de Sand oder opstoen an aus dëser Erfahrung léieren? D'Motivatioun vun eisem Grupp huet gewisen, dass mer d'Gemengewahlen 2017 nach ustriewen an och erreche kennen. Dofir mussen mäer eis, Zitat Camille "aus dem Sumpf eraushiewen". Loosst eis de Leit weise wat mer am Süden drophunn. Och ass gelueft ginn, dass mer nach ni sou vill ënnertenee kommunizéiert hunn wéi no dëser Kris. An deem Sënn huet et eis vläit souguer gutt geden. Nom Marc no ware mäer net fir de Kongress virbereed a sinn als Süden ewéi Touristen do ugedantz. Dat ass ee Grond firwat gewësse Leit hiert Spill mat de Prokuratiounen duerchzéie konnten.

## Wei geet et viru mam Marc?

De Marc huet seng Positioun kloer gemaacht a gesot, dass hien ënnert dem aktuelle Präsidium kee Posten oder Funktioun wéilt unhuelen. Insgesamt ass sei Vertrauen an d'Partei gebrach. Nichtsdestotz bleibt hie gäre Member well vill Lait an der Partei him gewisen hunn, dass sinn un hee gleewen. Wann de Südcomité net op hien ageschwat hätt, wär hien net erëmkomm. Seng Entscheidung steet also fest seng Demissioune net zréckzehuelen, mee hien bleibt awer fir den Ament Member am Südbezierk. Weiderhin ass vum Präsident de Virschlag eestëmmeg akzeptéiert ginn, de Marc d'Funktioun vum Caissier déi hien bis dohinner verantwortungsvoll gemanaged huet, bäizebehalen.

## Zukunft am Südbezierk

Well de Marc nom Landeskongress all seng Mandater néiergeluecht huet, réckelen de Gilles an de Christophe bis op Weideres op de Präsidentsposte vun der Péitenger Sektioon. De Christophe iwwerhëlt de Poste bis den 18. Januar 2016. Dono iwwerhëlt de Gilles de Poste bis en nei gewielt gëtt.

Wat d'Keess vum Süden ugeht, do ass et esou, dass mer fir all Euro Ëmsaz deen de Bezierk elo mëscht, 1.50€ duerch d'Parteifinanzéierung kritt. Dëst ass vum Parteipresident bestätegt ginn. Dës Mesure erlaabt eis a nächster Zeit zum Deel eegestänneg schaffen ze kënnen.

Den Undro dass de Präsidium an d'Parteiledunge bis zum nächste Kongress zesummegeleucht verschmelzen ass och ugeholt ginn. D'Parteiledunge sinn all zweete Méinden. Ab elo sollt de Süden och ëmmer minimum ee Representant do hunn, och wann dës kee Stëmmrecht huet. Sos verléiere mer eis Credibilitéit als Bezierk géigeniwwer der Partei.

Eis inaktiv Comitésmembere goufe bis op Weideres fräigestallt. Dës betrëfft d'Natalie an d'Lala, welch säit e puer Méint guer keen Intresse méi un dem Geschéie vum Südbezierk gewisen hunn. Bei der Ofstëmmung hu 6 Membere fir d'Fräistellung gestëmmt, 1 Member huet sech enthalen. Währenddessen réckelt de Christophe Quintus an Salomé Martin bis zum nächste Kongress an de Comité eran. Den Christophe ass vun de Memberen eestëmmege ugeholl ginn, Salomé as mat enger Géigestëmm an enger Enthaltung ugeholl ginn. Och soll um nächste Kongress ee Verrieder vun de Jonke Piraten mat an de Comité opgeholl ginn. Dës Posten soll dann och ee Stëmmrecht am Südbezierk hunn.

D'Propose déi vum Gilles abruecht ginn ass zum Fonctionnement vum Südbezierk ass op de nächste Comité geréckelt ginn. Bis dohinner schafft hien eng Lëscht mat Fonctiounen a Responsabilitéiten aus wou op all Comitésposten am Südbezierk sollen attribuéiert ginn. Sou sollen z.B. gewësse Responsabilitéiten, ewéi z.B. Caissier, Kessepräifer, Membersverwaltung, Intern Kommunikatioun, Organisatioun vu Comitéen a Kongresser, Sekretär, Protokolleur, asw. mat de Comitémandater verschmolz ginn. Dës huet zum Virdeel, dass mer eis Comitésmembere sënnvoll beschäftegt kréien, a sech méi involvéiere kënnen wéi 1 Mol am Mount op engem Comité Saachen duerchzewénken. Gleichzäiteg kënnen mäer eise President entlaaschten, dee momentan eis Fee fir Alles ass. Kritike goufen abruecht, dass gewëssen Aufgaben ewéi d'Membereverwaltung wéinst Dateschutzgrënn net kënnen verdeelt ginn. Dëst gëllt et bis op Weideres ze préiwen. Och sollte mer de Comité net mat Aufgaben débordéieren, sou de Marc. Dofir kéint een eng kéier Betruecht huelen dësen op 7, 9 oder 11 Memberen auszebauen.

Da brauche mer nom Marc och méi Disziplin wat d'Organisatioun vu Comitéen ugeet. Jidderee sollt sech a senger Responsabilitéit gepaakt fillen, sech Zäit fir d'Comitéen ze huelen.

Wat d'Gemengewahlen ugeet, sou fehlt eis momentan nach ee Konzept dee mer benotze kéinte fir dës ze starten. Insgesamt fehlen Themen déi mer beschwätze sollen. Dëst ass ee Kärproblem firwat et a leschter Zäit keng Comitéssëtzung ginn ass. Eis fehlt einfach politesch Inhalter zum diskutéieren. Anstatt vu Personalpolitik an innere Konflikter ze schwätzen, sollte mäer eis an nächste Zäit erëm méi op politesch Themen ewéi Flüchtlingskris, Asylrecht, Aarmutsbekämpfung, Chômage a Wunnengsbau beschäftegen. Dës Sujeten sollten an de nächste Comitéë Prioritéit kréien an och schrëftlech protokolléiert ginn.

## Untreeg fir de National

Déi éischt Ufro vum Süden un de National, fir de Parteipräsidium a Parteileedungen ëmzewandelen, ass ugeholl ginn. Domatten behält de Süden ee Matsproocherecht um nationale Level, wat wichteg ass fir de Verlaf vum Joer fir d'Preparatioun vun de Gemengewahlen.

Déi zweet Ufro bëtrouf d'Ausstelle vu PDF Extraite fir dass de Südbezierk kann novollzéie wéi eng Ausgabeposte reell bestinn a net a Rechnungsposten unhand vum Bilan. De Libor als Keesepräifer kann dës Extraiten duerch seng Funktioun ouni Weideres ufroen.

Déi drëtt Ufro behandelt den Opbau vun engem Kommunikatiounskanal tëscht dem National an den Südbezierk. Et ass momentan ëmmer sou gewiescht, dass entweder de Marc oder de Jules dem Comité bericht hunn wat um National geschitt. Fir eis do wéineger ofhängeg ze maachen froe mer de Präsidium fir eis ee monatlechen Tätigkeetsbericht ze schécke mat de wichtegsten Infoen an Décisionen déi am lafende Mount getraff gi sinn. Dësen Tätigkeetsbericht sollt am Beschten iwwer e Mail direkt un de Südcomité geleet ginn.

De véierten Undro betrëfft d'Remboursementer déi souwuel dem Starsky als och dem Jules vum National nach zoustinn. Hai fuerdere mer déi Responsabel am National op, sech w.e.g. mat deenen 2 Persounen a Verbindung ze setzen an dat Ganzt net méi laang schleefen ze loossen.

Déi fënneft Ufro betrëfft d'Entgelt dat dem Claude zousteet als Kommunikatiounsresponsabelen. Hai wëlle mer de System änneren, an zwar opbauend um Punktesystem deem d'Partei agefouert huet. An zwar soll all Bezierk fir ee Communiqué deem erausgeet Punkte kréien. D'Decision fir engem Member dann een Entgelt ze bezuele soll da vum Bezierk getraff ginn. Dëst ass an den Ae vum Südbezierk méi gerecht an effizient ewéi ee Poste mat engem monatlechen Montant ausstellen.

## Satzungsännerungen (Aktuell Satzung: <http://wiki.piratepartei.lu/wiki/Satzung> )

Vu d'Faite vum leschte Landeskongress sollt Satzung geännert gi fir dass Prokuratiounen zum Wahlrecht nët méi gëlle sollen. D'Propose haivun ass op der außerordentlescher Parteileedung schon ugeholl ginn. Elo sollt dës Iddi beim nächsten Nationalkongress als Satzungsännerungsuntrag abuecht ginn.

Een aneren Antrag kéint virgesin d'Parteileedunge mat dem Parteipräsidium ze verschmëlze vu que dass dës zwou Instanze momentan souwisou verschmëlzt sinn.

De Jules huet virgeschloen ee Pad opzemaache wou d'Satzungsännerungsundreeg sollen opgebaut ginn.

## **Festleeën vun dem nächsten Süd-Comité + Südkongress**

**Nächste Comité: Donneschdes 26.11.2015 ; Auerzäit: 19:30 MEZ;  
Wou? Kehlen. De Camille huet sech bereet erklärt d'Platz ze organiséieren.**

**Nächste Kongress: Samschdes 30.01.2016. Auerzäit a Platz ginn um nächste Comité beschloss.**